N°2501
Entrée le 24.06.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.06.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/06/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

An engem Facebook-Post huet de Mobilitéitsministere Werbung iwwert eng Visite vun der Ministesch bei der Firma LUXUAV gemaach. Am Post informéiert de Ministère och, dass de Staat 250 FPV-Dronen vun dëser Firma kaf ze hunn..

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Gouf et eng Ausschreiwung fir de Kaf vun dësen 250 Drohnen?
   Falls nee, wéi eng Reegele vum Gesetz iwwert ëffentlech Ausschreiwungen goufen heifir genotzt?
2. Wéi ass de Kontakt tëschent der Firma an dem Ministère zoustane komm? Huet d'Firma d'Ministesch kontaktéiert oder ass de Ministère op d'Firma opmierksam ginn?
3. Wéi vill huet de Kaf vun deenen 250 Drohnen kascht?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten